N° 4674
Reçue le 19.07.2021
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.07.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/07/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Justiz weiderzeleeden.**

Op den sozialen Netzwierker zirkuléieren Biller vu Leit, déi viru Kuerzem op eng Feier gaange sinn an do ee spezifescht Entréeesbändchen kruten, fir dierfen eranzegoen. Elo ass et awer esou, dass d'Faarf vum Entréesbändchen kloer z'erkennen ginn huet, wien geimpft, genesen oder getest gouf a wien sur Place ee Schnelltest gemaach huet. Dës Kennzeechnung tëschent de Persounen widdersprécht u sech de Prinzippien vum Dateschutz, well mam Bändchen déi Leit, déi sech nach net impfen gelooss hunn, réckschlësseg kënnen identifizéiert a bloussgestallt ginn.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet d'Ministesch Kenntnis dovunner, dass verschidden Organisateure vu Feieren op esou ee System zeréckgräifen, deen tëschent geimpften, genesenen a getesteten Ënnerscheedunge mécht?
2. Ass dës Praxis zoulässeg a falls net, kéinte betraffe Persounen eng Plaintë géint een Organisateur maachen, deen op esou ee System zeréckgräift?
3. Wat fir eng weider Sensibiliséierungsmoossname plangt d'Regierung, fir d'Bevëlkerung elo am Summer iwwert een dateschutzspuersamen an diskriminéierungsfräien Ëmgang mat de Covid-Zertifikater opzeklären?

Mat déiwem Respekt, | Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

GOERGEN Marc
Député

N° 4674
Reçue le 26.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 23 juillet 2021

**Réf. :** 839x3a461

**Concerne**: Question parlementaire urgente n° 4674 du 19 juillet 2021 de Monsieur le Député Sven Clement et Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire urgente n° 4674 du 19 juillet 2021 de Monsieur le Député Sven Clement et Monsieur le Député Marc Goergen concernant l'« Application du régime CovidCheck ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**
**Ministre de la Santé**

137-000010-20040525-FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n° 4674 du 19 juillet 2021 de Monsieur le Député Sven Clement et Monsieur le Député Marc Goergen concernant l'« Application du régime CovidCheck »**

De Gesonheetsminstère huet keng Kenntnis iwwer sou Verfueren an dëst entspriécht och net den Dispositiounen aus dem Covid-Gesetz oder aus soss offiziellen Texter.

Déi Responsabel vun den Etablissementer mussen sécher stellen datt hier Client'en alleguerten noweisen kënnen datt sie geimpft, getest oder genesen sinn, sou wéi d'Covid-Gesetz dat virgesäit. Wann déi Responsabel zousätzlech mat engem System vun Aarmbännercher verfueren wëllen, fir d'Leit ze kennzeechnen, ass hinnen iwwerlooss dat ze maachen, dëst an Konformitéit mam RGDP Reglement.

All Mënsch deen mengt dass e Gesetz nett respektéiert ginn ass, kann ëmmer eng plainte areechen. Wat domadder geschitt décidéieren d'Geriichter.

D'Regierung plangt zu dësem Zaitpunkt keng Sensibiliséierungsmossnamen iwwert den spezifeschen Sujet vun dateschutzspuersamen an diskriminéierungsfräien Ëmgang mat de Covid-Zertifikater.